Gemeng
NIDDERAANWEN

Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

Mir freeën eis Iech matzedeelen, dass eis Gemeng zënter Kuerzem Hoplr benotzt. Dëst ass eng Noperschaftsplattform fir jiddereen, deen an der **Gemeng Nidderaanwen** wunnt. De Projet Hoplr gouf op Initiativ vun eiser Kommissioun fir interkulturellt Zesummeliewen a mat der Ënnerstëtzung vun der Gemeng Nidderaanwen op d'Bee gestallt, mam Zil Iech als Biergerin a Bierger vun der Gemeng eng zousätzlech Plattform bereetzestellen, fir op einfach Manéier mat Ären Noperen a Kontakt ze kommen.

Hoplr kënnt Dir benotze fir:

- Är Noperschaft besser **kennenzeléieren** an nei Nopere wëllkomm ze heeschen
- Ären Noperen ze hëllefen an Iech géigesäiteg **Ënnerstëtzung** unzebidden
- **Haushaltsobjeten**, **Aarbechtsgeschier** oder aneres ënnerteneen auszeléinen
- e gudden **Installateur** oder en zouverlässege **Babysitter** an der Noperschaft ze fannen
- iwwer aktuell **Themen** an der Gemeng ze diskutéieren an um neiste Stand ze bleiwen
- ënner Nopere beispillsweis e **Vide-grenier** oder en **Nopeschfest** ze organiséieren an unzekënnegen

Natierlech ass esou en Netzwierk nëmme sënnvoll, wa sech och genuch Noperen aschreiwen. A Stied an der Belsch an Holland, ma och a ville Lëtzebuerger Gemengen huet d'Netzwierk sech scho bewäert. D'Gemeng Nidderaanwen wäert op dëser Plattform eng passiv Roll spillen a keng offiziell Kommunikatioun dorop maachen. Sou biede mir all d'Biergerinnen a Bierger, déi sech op Hoplr umellen, **zu enger solidarescher Noperschaft bäizedroen**, frëndlech ze bleiwen a keng diskriminéierend oder beleidegend Bäiträg ze publizéieren.

D'Aschreiwung ass onkomplizéiert a gratis! Dir fannt d'Uweisungen, fir Iech anzeschreiwen, hei drënner. Déi mobil App ass am App Store an am Google Play Store disponibel.

Mir wënsche vill Freed mat Hoplr,

De Schäfferot — D'Kommissioun fir interkulturellt Zesummeliewen

## Mellt Iech elo beim Noperschaftsnetzwierk hoplr vun Nidderaanwen un!

### Wéi kënnt Dir Iech aschreiwen?

1. Lued déi mobil App erof oder gitt op www.hoplr.lu an drot Är Adress an
2. Gitt dëse Code vun eiser Gemeng an:

   **AFQXG**

3. Schreift Iech an eiser Gemeng an

Är perséinlech Donnéeë gi sécher a vertraulech behandelt, konform mat dem neien Dateschitzreglement vun der Europäescher Unioun.




hoplr

SCAN ME

Zësumme liewen

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

Chers concitoyennes et concitoyens,

Nous sommes heureux d´annoncer que notre commune a récemment instauré l'application Hoplr. Hoplr est une plateforme de quartier pour tous les habitants de la **commune de Niederanven**. Le projet a été lancé sur initiative de notre commission du vivre-ensemble interculturel, avec le soutien de l'administration communale de Niederanven et vise à vous offrir, en tant que citoyenne ou citoyen de la commune, une plateforme supplémentaire pour entrer facilement en contact avec vos voisins.

Vous pouvez utiliser Hoplr pour :

- apprendre à mieux **connaître** votre quartier et accueillir de nouveaux voisins
- aider vos voisins et vous **soutenir** mutuellement
- emprunter des **articles ménagers**, **des outils de travail** ou d´autres choses
- trouver un bon **plombier** ou un(e) **baby-sitter** fiable dans le quartier
- discuter des **sujets** d'actualité et se tenir au courant de ce qui se passe dans la commune
- planifier et annoncer par exemple une **brocante** entre voisins ou une **fête de quartier**

Bien entendu, un tel réseau n'a de sens que si suffisamment d'habitants s'inscrivent. Le réseau a déjà fait ses preuves dans plusieurs villes en Belgique et aux Pays-Bas, mais aussi dans de nombreuses communes luxembourgeoises. L'administration communale de Niederanven jouera un rôle passif sur cette plateforme et ne fera pas de communications officielles sur Hoplr. Nous demandons donc à tous les citoyens qui s´inscrivent sur Hoplr de **s'engager pour un voisinage solidaire**, de rester amicaux et de ne pas publier de messages discriminatoires ou offensants.

L´inscription est facile et gratuite ! Vous trouverez ci-dessous les instructions pour vous inscrire. L´application mobile est disponible sur l'App Store et le Google Play Store.

Nous espérons que vous apprécierez Hoplr,

Le collège échevinal La commission du vivre-ensemble interculturel

**Inscrivez-vous dès maintenant au réseau de quartier hoplr de la commune de Niederanven !**

**Comment s'inscrire ?**

1. Téléchargez l'application mobile ou visitez www.hoplr.com et entrez votre adresse
2. Entrez le code de notre commune :

**AFQXG**

3. Inscrivez-vous sous la commune de Niederanven

Vos données personnelles seront traitées de manière confidentielle conformément au RGPD de l'UE en vigueur.




hoplr

SCAN ME

Zësumme liewen

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil